

baséieren op den Artikel 138 vun eisem Reglement an an Uwendung vum Artikel 4 (5). Ass d'Chamber domadder d'accord?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Madame Netty Klein est désignée membre du Centre pour l'égalité de traitement.

Mir kommen dann zum leschte Projet de loi vun haut de Mëtteg, ier mer un d'Interpellatioun kommen. Dat ass de Projet 5597, eng Ofännerung vum Code d'instruction criminelle. Madame Doerner, Dir hutt d'Wuert.

7. 5597 - Projet de loi portant modification des articles 116, 126, 127, 152, 185, 188, 620 et 621 du Code d'instruction criminelle et abrogation de l'article 186 dudit code - Second vote constitutionnel

Rapport de la Commission juridique

» **Mme Christine Doerner** (CSV), *rapportrice*.- An der Sëtzung genau virun dräi Méint, dat war den 11. Mäerz 2008, ass de Projet 5597 à l'unanimité gestëmmt ginn, trotz enger Opposition formelle vum Conseil d'État op e gewëssene Punkt vun dësem Projet. An zwar war dat de Rapport écrit et motivé vum Juge d'instruction am Kader vun enger Ordonnance de renvoi.

Wann ech zrëckginn, da kann een dat folgendermoossen erklären. D'Regierung hat e Projet de loi eraginn, wou de Rapport écrit et motivé erausgeholl ginn ass, wat de Juge d'instruction betrëfft. D'Kommissioun war der Meenung, de Rapport écrit misst op jidde Fall obligatoresch bei engem Renvoi virun der Chambre criminelle drabehale ginn.

Duerfir huet d'Commission juridique en Amendement gemaach. Deen Amendement ass zrëck bei de Conseil d'État gaangen. De Conseil d'État huet doropshin eng Opposition formelle gemaach an hien huet dat net guttgeheesch.

Doropshin ass de Projet erëm eng Kéier an d'Kommissioun komm. D'Kommissioun huet sech nach eng Kéier behapt, aus folgenden Ursachen eraus: Éischstens emol, well eng Affaire criminelle eppes Komplizéiertes ass, ass et wichteg, dass de Juge d'instruction domat bedeelegt ass oder sai Rapport ka maachen; awer och op Ufro vu Cabinet-d'instruction selwer. D'Juge-d'instructionë waren der Meenung, et wär wichteg, dass déi Prozedur géif oprechterhale ginn.

Déi Opposition formelle ass nach eng Kéier widderholl gi vum Conseil d'État. D'Kommissioun huet sech awer erëm drop baséiert, dass aus deenen Ursachen, wou ech gesot hunn, et wichteg wär dat bäizebehalen. Dunn ass dat à l'unanimité hei an der Chamber votéiert ginn.

Well awer déi Opposition formelle war, musse mer haut an enger deuxième Lecture nach eng Kéier heidrop zrëckkommen. Ech géif bidden esou ofzestëmmen, wéi mer déi éischte Kéier ofgestëmmt hunn.

Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Madame Doerner. Mir kënnen dann och hei zum Vote kommen.

Discussion générale

» **M. Xavier Bettel** (DP).- Här President!

» **M. le Président**.- Jo?

» **M. Xavier Bettel** (DP).- Just ganz kuerz, well no all deene Projeten, vun deenen d'Madame Doerner Rapportrice war, wëll ech vun all de Kolleegen hei vun alle Bänken awer der Madame Doerner Merci soe fir de mëndleche Rapport virun eis, dee soss net gemaach ginn ass, wa mer direkt un de Vote kommen. Ech wollt dat am Numm vun eis alleguerte maachen.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Ech hat schonn am Numm vun eis alleguerten der Madame Doerner Merci gesot, mä doppelt genäht hält besser, Här Bettel. Mir kommen dann zum Vote.

Second vote constitutionnel

De Projet 5597 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner (par M. Alex Bodry);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Interpellatioun vum honorabelen Här Gira iwwert den Enseignement musical am kommunale Sec-teur. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

8. Interpellation de M. Camille Gira au sujet de l'enseignement musical dans le secteur communal

» **M. Camille Gira** (DÉI GRÉNG), *interpellateur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll direkt am Ufank vun dëser Interpellatioun drop hiweisen, dass ech se den 13. Juli 2005 agereecht hunn. Ech weess net, ob d'Madame Statssekretärin nach net prett ass, fir op meng Froen ze äntwerten. Ass se ënnerwee? Gutt, dann hoffe mer, dass se geschwënn aleeft, well si hat jo elo bal dräi Joer Zäit.

» **M. Luc Frieden**, *Ministre de la Justice*.- Si hat net geduecht, datt fënnef Projeten an enger hallwer Stonn géifen evakuéiert ginn.

» **M. Camille Gira** (DÉI GRÉNG), *interpellateur*.- Gutt. Dann hoffe mer, dass se geschwënn hei ass, well dat sinn elo bal dräi Joer. Ech wëll déi Bemierkung maachen, fir ze soen, dass dat en Zäitpunkt war ier d'Wellen ëm déi nei Tariffer vum Conservatoire du Nord héichgeschloe sinn.

Ech wëll awer gradesou kloer soen, dass déi Diskussiounen ëm déi Tariffer fir déi Gréng net iwwerraschend komm sinn. Déi zousätzlech finanziell Belaaschtung fir d'Gemege war eng vun den Ursachen, niewent dem Artikel iwwert de Contrat à durée déterminée, dass mir d'Gesetz 1998 net gestëmmt hunn. Jo, fir eis waren déi Problemer virprogramméiert.

Zur Ofwiesslung zitëieren ech mech dann emol eng Kéier selwer: „Ech sinn dovun iwwerzeegt, dass an zwee bis dräi Joer déi 190 Milliounen opgebraucht sinn an dass mer dann, wat de finanziellen Aspekt vun dësem Gesetz ubelaangt, genee déiselwecht Diskussiounen a Polemik kréien. Ech menge si ginn op d'Käschte vun deene Schüler, déi de Pech hunn, an enger Nopeschgemeng vun Ettelbréck oder der Stad ze wunnen, déi net bereet ass, hiren Deel vum Minerval ze bezuelen, an déi sech e Solfègekurs vun 20 bis 30.000 Frang net kënnen leeschten.“ Enn vum Zitat.

Abee, Här President, haut si mer genee do. Wann d'Regierung 2005 direkt op meng Interpellatioun reagéiert hätt, dann hätte mer déi Diskussiounen do vläicht - „vläicht“ betounen ech - kënnen verhënnern. Mä deemools huet se gesot, si géif nach studéieren. Ech hoffen also, dass an deenen dräi Joer gutt studéiert ginn ass an dass d'Madame Statssekretärin un Enn vun den Interventiounen Léisungen op déi bestehend Problemer kann ubidden.

Ech betounen awer och gläichzäiteg, dass meng Interpellatioun net nëmmen op de finanzielle Volet vum Gesetz vun '98 ausgeriicht war an ass, mä eng generell Evaluatioun vun dësem Gesetz soll maachen.

Bekanntlech, an Dir erënnert Iech nach vläicht, hat dat Gesetz sech véier Ziler gesat: 1. Ofsécherung an eng finanziell Besserstellung vun den Enseignanten; 2. Harmoniséierung vun de Programmer duerch déi eenzel Ordres d'enseignement, mä och iwwer Land; 3. Homogeniséierung vun der Offer iwwer Land, a 4. d'finanziell Entlaaschtung vun de Gemengen.

Ech géif da probéiere kuerz déi véier Punkten een nom aneren ze beliichten.

Zum éischte Punkt: d'Personal. Dat ass sécherlech dee Punkt, wou d'Gesetz am meeschte bruecht huet. Vun de ronn 580 Enseignanten hunn der haut ongeféier 370 e CDI, also e Contrat à durée indéterminée. Do bleiwen der sécher nach bal 200. Mä éischstens müssen dat der jo elo net lauter sinn, déi iwwer zwee Joer sinn. Et schéngt och net ganz vill Onzefriddenheet am Sec-teur ze sinn. Mir ass och kee Prozess bekannt am Enseignement musical, deen ähnlech gelaf wier wéi deen, deen am generellen Enseignement gelaf ass, wou bekanntlech déi do Thematik zu grësseren Diskussiounen gefouert huet a wou mer och eng Jurisprudenz an Tëschenzäit hunn. Et ass fir eis awer och kloer, dass duerch dat Urteel am Enseignement scolaire général deen Artikel aus dem Gesetz vum Enseignement musical gradesou hifälleg ass, wéi deen an deem anere Gesetz.

Wann ee mat den Acteuren um Terrain schwätzt, da kritt een als Echo, dass grad an deem heite Punkt d'Gesetz eng wichteg Stabilitéit an déi eenzel Conservatoires a Museksschoule bruecht huet. Et kann ee sech virstellen, dass et virdrun, wou immens vill Leit mat ganz kuerzen, jährelche Kon-trakter geschafft hunn, et wierklech schwéier war, e Projet d'école opzebauen an eng gewësse Continuitéit am Enseigne-ment ze hunn.

En anert Zeechen dofir, dass hei viles pas-séiert, ass och vläicht d'Ofhuele vun de Stonnen, déi vun de Militärmuseker a -musekerinne gehale ginn. Dir wësst, dass jore-laang déi Leit ganz oft nieft hirem Job bei der Militärmusek och nach e ganze Koup Stonnen an deenen eenzelne Musekschoule virun allem iwwer Land gehalen hunn. Abee, déi Stonne si vu 460 d'Woch erofgaangen op knapp 280.

Och d'Paie sinn de Paien am generellen En-seignement ugepasst ginn.

Interessant ass awer och, dass hei an dësem Secteur, grad wéi an aneren, d'Zuel vun den Ausländer extrem grouss ass. Ëmmerhi bal 220 auslännesch Enseignanten hu mer. Ech weess elo net, ob dat Grenzgänger sinn oder Leit, déi hei wunnen. Dat wier och interessant emol gewuer ze ginn.

Zweete Punkt, Harmoniséierung vun de Pro-grammer. Ech menge kënnen ze soen, dass och hei de Bilan insgesamt relativ positiv ass. D'Acteuren um Terrain confirméieren, dass den Unterrecht duerch d'Bank u Quali-téit gewonnen huet. Och d'Wiessle vun engem Gebai a vun engem Ordre d'enseigne-ment an en aneren ass elo méi einfach ginn.

Et feelen awer och nach ëmmer zéng Joer nom Gesetz eng Rei Règlements grand-ducaux. Virun allem dat iwwert d'Formation des adultes. Dat fanne mir als Gréng net gutt, well grad an deem Beräich iwwert d'Erwuessenebildung d'Schülerzuele regel-méisseg ganz séier wuessen.

Duerfir meng Fro un d'Statssekretärin: Wéi-sou dauert dat esou laang, eng Rei Règle-ments grand-ducaux ze publizéieren, virun allem dat iwwert d'Formation des adultes? A wéini ass mat deene leschte Règlements grand-ducaux, déi nach feelen, ze rech-nen?

Bei allen Harmoniséierungsbestriewunge sollt een awer eiser Meenung no op zwou Saachen oppassen.

Éischstens, de Schüler an d'Schülerin net vergiesen. Et gëtt een an deem do Kontext d'Gefill net lass, dass viles, wat do harmo-niséiert gëtt, éischer aus der Perspektiv an och deelweis aus dem Interesse vun deenen eenzelnen Institutiounen an den Enseignanté gekuckt a geplangt gëtt, awer man-ner aus der Siicht vun de Schüler a Schüle-rinnen.

An zweetens, et kann een och doutharmoni-séieren. Wéi een Direkter mer gesot huet, soll ee wuel eng gemeinsam Basis fir all Mu-seksschoule schafen, mä awer derfir suer-gen, dass all Gebai seng Autonomie behält a seng Kreativitéit a Fantasie kann entwé-ckelen.

D'Fro stellt sech, ob een net kann eventuell mat Socles de compétences fueren, ähnlech wéi elo ugeduecht gëtt am normale Schoulbetrib.

Am Résumé also zu dësem Punkt: Et soll een d'Aufgabegebit vum deenen eenzelnen

Divisiouns d'enseignement kloer definéieren; d'Harmoniséierung esou wäit garan-téieren, dass Iwwergäng problemlos mach-bar sinn, mä all Schoul hire Fräiraum loos-sen, fir dass se kann en Enseignement ubidden, deen deen net ëmmer einfache Spagat tëschent Fräizäitbeschäftegung an héijem Niveau packt.

Drëtte Punkt, homogen Offer iwwert d'Land. Hei ass de Bilan schonn net méi esou posi-tiv. Mir sinn der Meenung, dass an dësem Punkt d'Gesetz säin Zil net erreecht. Ee Bléck op déi Kaart, déi de Kulturministère ausgeschafft huet an déi mer och déi eng oder aner Kéier an der Spezialkommissioun vun der Territorialreform eis ugekuckt hunn, weist, wéi heterogen d'Joffer...

(Hilarité)

...wéi heterogen d'Offer - pardon - iwwert d'Land nach ëmmer ass.

Vu Gemengen, déi näischt ubidden, iwwer déijéineg, déi selwer Musekskursen orga-niséieren, vun all deenen, déi eng Konven-tioun mat der UGDA hunn, bis bei déi, déi eng Konvention mat enger anerer Gemeng hunn, vun deenen, déi eng Museksschoul mat anere Gemengen a Form vun engem Syndikat gëriiere bis bei déi, déi wuel an engem Syndikat sinn, awer d'Schoul vun der UGDA hale loos-sen, vun deenen, déi punktuell un engem Conservatoire finanziell participéieren, bis bei déi, déi schlussend-lech e Conservatoire féieren: Dir Dammen an Dir Hären, Här President, et gëtt näischt, wat et net gëtt an deem dote Secteur.

Hei rächt sech an eisen Aen, dass d'Regie-rung net op dee Wee gaangen ass, dee mir 1998 proposéiert haten, nämlech e Plan sectoriel iwwert den Enseignement musical ze maachen. Ech hu méi wéi eemol d'Bei-spill vun de Museksschoule geholl, fir an der Spezialkommissioun ze illustréieren, wat geschitt, wann ee mengt, Lëtzebuerg bräicht keng Landesplanung.

D'Resultat ass vernichtend: den organi-séierte Chaos, eng heterogen Offer vun ele-mentare Servicer iwwer Land, eng Diskrimi-néierung vun eenzelne Bevölkerungsgrup-pen, eng Verschwendung vun den öffent-leche Gelder.

An dësem Fall an engem Saz résuméiert: E Museksunterrecht, dee sech nach just räich Gemengen a räich Famillje kënnen leeschen.

Dat kann net d'Enn vum Lidd sinn, Här Pre-sident, an duerfir sinn déi Gréng der Mee-nung, dass kee Wee laanscht dee Plan sec-toriel féiert. Wéi mir eis dat virstellen, dorop kommen ech herno spéider nach zrëck.

Véierten a leschte Punkt: déi finanziell Ent-laaschtung vun de Gemengen. An dësem Punkt huet d'Gesetz total versot.

Zwee Facteuren hunn zur Käschtensexplo-sioun gefouert: Éischstens, d'Upassung vun de Gehälter vun den Enseignanten, an zweetens déi massiv Erhéijung vun de Schülerzuelen, déi ëmmerhin ëm 27% an zéng Joer, also praktesch ëm en Drëttel ins-gesamt, geklommen ass.

A well de Stat sai Bättrag plafonéiert hat, ass d'Belaaschtung vun de Gemengen ex-trem an d'Luucht gaangen. Dorun huet och déi punktuell Upassung vun 2005 näischt Wesentlech geännert. Mir sinn haut wäit ewech vun deem engen Drëttel, deen iwwert dee Wee sollt gedeckt ginn. Beson-nesch an de Conservatoiré sinn d'Käschten an d'Luucht gaangen.

Dat erkläert och déi ganz Situatioun am Conservatoire du Nord. Do kënt am Nor-den awer nach Folgendes Spezifesches derbäi: Déi zwou Gemege kréie pro Awun-ner iwwert d'Gewerbesteier an de Fonds communal wesentlech manner era wéi d'Stad Lëtzebuerg an awer och nach e gud-den Deel manner wéi d'Stad Esch. Duerfir hu si och vill méi Problemer, fir iwwert d'Ron-nen ze kommen, wéi déi aner zwee Zentren. Mam Resultat, dass mer elo an der Nord-stad Minervalé fir Non-résidenten hunn, déi eng normal Famill sech net méi ka leeschen, nämlech tëschent 600 an 750 Euro fir e Cours individuel. Dat si Chifferen, mengen ech, bei deene relativ akomesschwaach Familljen net méi drun denken, hir Kanner an déi Schoul ze schécken.

Hei weist sech net nëmmen d'Feele vu je-glecher Landesplanung, mä och nach den